



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.65925.SECR

Péteng, de 16. Abrëll 2025

Betreff: Är Froe vum 16. März 2025

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Pol Moes - Tel.: 50 12 51 - 3081)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 11. März 2025, deen Dir der Verwaltung per Email de 16. März 2025 geschéckt hutt, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Et ass opfalend, wéi vill Vullekot op de Weeër, déi duerch de Park gi, läit.

Et ass net nëmmen eleng den Zoustand vun de Weeër an d'Gefor vun engem Vullekot beschmotzt ze gi, mee och d'Begebenheet, dat een an e Vullendreck trëppelen kann.

Frësche Vullekot ka Krankheeten direkt iwwerdroen, falls een a Kontakt kennt. Dëst betrëfft Handsbesëtzer mat hiren Hënn oder Kanner déi eppes falen gelooss hu, an dëst nees wëllen opafen. Gedréchent Vullekot ka stëpsarteg duerch d'Loft gewiebelt gi, a kann indirekt e Risiko fir d'Passanten duerstellen.

Sécherlech si schonn déi eng oder aner Reklamatiounen bezüglech dësem Thema der Gemeng eragereecht gi.

Wichtig fir eis Piraten ass awer, dat de Mënsch an d'Dier kennen a sollen zesummeliewen, deemno sollt hei de Mënsch passend Léisunge siche fir dat de Park am hygienesche a ëmweltfrëndlechem Aspekt zouverlässeg si.

Vullepopulatiounen sollten a reegelméisseg Ofstänn analyséiert gi. Eng kleng Populatioun kann nëtzlech si fir anthropogen geformte Liewensräim, eng ze grouss Populatioun, allerdéngs, feiert zu engem ökologeschen Onglächgewiicht. Opgrond vu der eischer Erkenntnis, Ausbrëch vu Krankheeten ass eng vun den Konsequenzen, wann Populatiounen ze grouss gi. Et ass warer ze bemerken, dat Villecher iwwert den Naturschutz, geschützt si. Demno si reigelmeisseg Observatioun vun de Vullepopulatiounen netzlech, a kënnen Krankheetsausbrech andämmen.

Dëst ass am Sënn vum Schutz vun Mënsch a Déier.



An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Kéint de Schäfferot sech virstellen, passend dekorativ Planen zwëschent de Beem opzehänke fir dat de Vullekot net méi bis op de Buedem kënnt?
2. Wéi oft si bis elo d'Weeër déi duerch de Park féieren, vum Vullendreck propper gemaach ginn? Wéi oft ginn am allgemengen d'Weeër am Park gebotzt, esou dat och den Vullendreck ewegehall get?
3. Wéi oft, ass an de lëschte 4 Joer, eng Vullezielung am Pétengerpark duerchgeholl gi? Wéi vill verschidde Vullekolonien si definéiert ginn a wéi vill Pärecher si pro Kolonie gezielt gi?
4. Existéiert en ausgeschaffte Managementsplang den eng laangfristeg Virgoensweis mam Ëmgang zwëschent Mënsch an Déier am Pétenger Park garantéiert? Wa jo, wéi eng Richtlinnen am Plang wäeren dat?
5. Huet de Schäfferot an de lëschte Jore Reklamatiounen kritt, baséierend op de Vullendreck?

Mat Respekt,

Chris Bernard
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. Ofgesi vun enger gewëssener Ästhetik, géingen dekorativ Planen näischt bréngen. Funktional Planen op der anerer Säit kéinten d'Beem duerch zousätzlecht Gewiicht ze vill belasteschen, riskéieren ze wéineg Waasser a Sonn fir d'Planzen duerchzeloossen an d'Konstruktioun, wéi och den Entretien, géingen en enorme finanziellen Opwand duerstellen. Zesummegefaasst kéint sech de Schäfferot also net virstellen, sou eng riskant Aktioun ëmzesetzen.
2. D'Weeër am Parc Théophile Kirsch ginn 2-3 mol an der Woch mat der Maschinn gekiert.
3. An de lëschte 4 Joer gouf keng Vullenzieling gemaach. Hei ass et awer wichteg dorop hinczewisen, dass schonns 2002 mat Aktiounen wéi Attrappe probéiert gouf d'Zuel vun den Näschter erofzedrécken, ouni Erfolleg. An och schonns 2006 ass en Expert an der Ornithologie kontaktéiert ginn, den d'Komplexitéit vun der Situatioun nëmme bestätege konnt.
4. Baséiert op de Reklamatiounen déi op der Gemeng rakommen, gouf probéiert eng laangfristeg Virgoensweis mam Ëmgang zwëschent Mënsch an Déier am Parc Théophile Kirsch ze garantéieren. D'Poubellen am Park goufe mat "Hundebeutelspender" ausgestattet.
5. Säit 2008 konnt keng schrëftlech Reklamatioun a punkto Vullendreck am Parc Théophile Kirsch festgehale ginn. Par contre goufen et eng etlech Reklamatioune wéinst Exkrementer vun Hënn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,